Lëtzebuerg, den 9. September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an un den Här Sportminister weiderzeleeden:

*„D'Gläichstellungspolitik zu Lëtzebuerg huet sech déi lescht Joerzéngte kontinuéierlech verbessert. Dëst net zu gudder Lescht wéinst dem engagéierten Handele vun der aktueller Regierung.*
*Leider si vill Beräicher an eiser Gesellschaft - och de Sport – nach ëmmer vu Stereotyppe gepräägt.*
*Meedercher a Frae sinn a ville Beräicher vum Sport - sief et als Athletinnen, Trainerinnen, Mataarbechterinnen oder a responsable Positiounen an de Sportsveräiner, als Arbitterinnen oder als Supporter - ënnerrepresentéiert. Daat zielt och fir d'LGBTQ+ Communautéit.*
*Besonnesch de Sport kann awer eng wichteg Roll bei der Gläichstellung tëschent alle Persoune spillen.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an dem Här Sportminister folgend Froe stellen:*


- *Ginn et Zuelen iwwert de Prozentsaz vu Männer, Fraen a Persounen aus der LGBTQ+ Communautéit déi an de lëtzebuerger Sportveräiner selwer aktiv sinn an/oder als Trainer oder Arbitter engagéiert sinn?*
- *Ginn et Zuelen iwwert de Prozentsaz vu Männer, Fraen a Persounen aus der LGBTQ+ Communautéit déi an de Gremie vun de Lëtzebuerger Sport-Federatiounen aktiv sinn?*

- *Wéi huet sech de Prozentsaz vu Fraen entwéckelt, déi an de verschiddene Kadere vum COSL gefërdert gi si respektiv ginn?*
- *Wéi huet sech de Prozentsaz vu Fraen entwéckelt, déi Lëtzebuerg op den Olympesche Spiller vertrueden hunn?*
- *Ginn et am Lëtzebuerger Spëtzesport nach ëmmer Ënnerscheeder bei de Remuneratioune vun de Sportler, respektiv bei de Präisgelder op Lëtzebuerger Sportsmanifestatiounen?*
- *Wéi eng Mesurë ginn ënnerholl a wéi eng Efforten si geplangt, fir d'Gläichstellung bei der Fërderung vu Lëtzebuerger Spëtzesportler z'erméiglechen?*
- *Wéi eng Mesurë si geplangt, fir d'Gläichstellung am Sportsbenevolat ze stäerken?*
- *Ginn am Sënn vun der Gläichheet vun alle Persounen och Initiative geholl fir d'LGBTQ+ Communautéit am Lëtzebuerger Sport ze integréieren an ze ënnerstëtzen?"*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN
Deputéiert



Claude LAMBERTY
Deputéierten